## Gemengerot

# vum 17. Juli 2026

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser de Punkt 3.2.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst all d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 17. Juli 2026, déi lescht Gemengerotssëtzung virun der Summerpause. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

## KOMMUNIKATIOUNEN

Den **Här Guy Kohnen (CSV)** seet dem Här Buergermeeschter Merci fir d'Wuert an informéiert iwwert déi offiziell Inauguratioun vum neie Centre de Ressources vum SICA, déi de 17. September 2026 stattfënnt.

Weider informéiert den Här Guy Kohnen, datt den Office social commun Mamer virgëschter decidéiert huet, nees e Sécherheetsbeamten anzesetzen, well verschidde Persounen sech dem Personal géintiwwer zimmlech aggressiv behuelen.

D'**Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP)** seet dem Här Buergermeeschter Merci fir d'Wuert an och fir d'Verkéiersluuchten, déi endlech um Kräizwee zu Ollem installéiert goufen. Viraussiichtlech sollen si ab e Méindeg oder Dënschdeg a Betrib geholl ginn.

Den 11. November 2026 um 15.30 Auer fënnt am Kader vum Handaarbechtstreff vum Club Senior eng Scheckiwwerreechung an der Galerie zu Kielen statt. D'Gemeng huet dësen Don, zu Gonschte vun der ONG Médecins du Monde, op 10.000 Euro opgeronnt, notamment mat engem Apport vun 2.268,22 Euro. Den Här Minister Max Hahn wäert och un dëser Feier deelhuelen. D'Madamm Claudine Meyer-Deitz géif sech freeën, wann d'Membere vum Gemengerot dobäi wieren, fir der Manifestatioun déi néideg Ambiance ze ginn.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, informéiert, datt d'Gemeng fir d'Rentrée am September en neie Luchtesystem op der Haaptkräizung bei der Apdikt an och Verkéiersluuchte bei der Cité Bäichel zu Kielen, um Zebrasträifen a Richtung Campus, installéiere wäert. D'Gemeng geet dovun aus, datt de Chantier bis zur Rentrée am September ofgeschloss ass an duerno mat der Installatioun vun de Verkéiersluuchten ugefaange ka ginn.

De Buergermeeschter informéiert weider, datt déi zweet Reunioun tëschent der Gemeng Kielen an dem Transportministère stattfonnt huet, fir iwwer de Contournement ze schwätzen. Un dëser Reunioun hunn och den Ëmweltministère an d'Administration des ponts et chaussées deelgeholl. D'Gespréicher verlafe gutt, an op alle Säite besteet de Wëllen, fir an dësem Dossier konkret Mesuren ëmzesetzen.

Am Moment ginn déi eenzel Tracéen an eventuell Adaptatioune vun deenen eenzelen Tracéen diskutéiert. De Ball läit dobäi ënner anerem bei der Administration des ponts et chaussées. D'Gemeng wäert an den nächste Wochen déi entspriechend Pläng vun den Tracéen, zesumme mat den topografeschen Opnamen an enger Duerstellung vun der méiglecher Ausféierung, kréien.

Eng éischt Reunioun huet den 12. Juni stattfonnt, eng zweet den 2. Juli, an eng drëtt ass fir de September virgesinn. Den Dossier kënnt deemno gutt virun. Soubal eng konkret Propos virläit an intensiv iwwer den Tracé an déi jeeweileg Konditioune ka geschwat ginn, wäert d'Gemeng doriwwer esou séier wéi méiglech informéieren.

Den Här Félix Eischen deelt nach mat, datt dem Gemengerot nom Ofschloss vun der ëffentlecher Sëtzung den aktuelle Stand vum Projet Konzept „Kielen 2.0" presentéiert gëtt.

### *1. Compromis / Akten*

#### *1.1. Compromis an zousätzleche Kredit fir de Kaf vun engem Terrain mat engem funktionelle Gebai, dat als Crèche genotzt gët, geleeën um Uert „Bei der Eech" zu Kielen* (eestëmmege Vote)

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir de Kaf vun enger Parzell um Uert „Bei der Eech" zu Kielen, op där sech e funktionellt Gebai, dat als Crèche genotzt gëtt, befënnt. D'Immobilie gëtt fir e Montant vun 2.700.000,00 Euro kaf an déngt engem ëffentlechen Zweck, well se fir d'Exploitatioun vun enger Crèche bestëmmt ass. De Gemengerot stëmmt och den zousätzleche Kredit fir d'Finanzéierung vun dësem Kaf, en Deel vum Finanzement war schonn am Budget vun 2026 virgesinn.

#### *1.2. Compromis fir de Kaf vun enger Parzell an der rue de Kopstal zu Kielen* (eestëmmege Vote)

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir de Kaf vun enger Parzell mat der Bezeechnung „Strooss", déi um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen läit. D'Gemeng keeft eng Parzell mat enger Fläch vun 0,12 Ar fir e Montant vun 120,00 Euro. Dëse Kaf déngt der Regulariséierung vun den néidegen Emprisen am Kader vum Reamenagement vun der rue de Kopstal.

#### *1.3. Nottärsakt fir de Kaf vun enger Parzell um Uert „Der Seit des Hohbuch" zu Keispelt* (eestëmmege Vote)

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt fir de Kaf vun engem Terrain mat engem Chalet um Uert „Der Seit des Hohbuch" zu Keespelt. De Kaf betrëfft eng Parzell mat enger Fläch vu 85,80 Ar fir e Montant vun 820.000,00 Euro. D'Immobilie gëtt am ëffentlechen Interessi kaf, fir do „Classes vertes" a pedagogesch Aktivitéiten am Zesummenhang mat der Entdeckung an der Sensibiliséierung fir d'Natur ze organiséieren.

### *2. Konventiounen / Kontrakter*

#### *2.1. Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir de Cours „Kidssport"* (eestëmmege Vote)

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir de Cours „Kidssport" fir d'Period vum 3. Oktober 2026 bis den 10. Juli 2027. D'Coursë fannen ausserhalb vun de Schoulvakanzen, samschdes moies an

der Sportshal zu Kielen statt a riichten sech u Kanner am Alter vun 2 bis 4 Joer. Den Déngschtleeschter verflicht sech, Aktivitéiten unzebidden, déi dem Alter an de Fäegkeete vun de Kanner ugepasst sinn.

### 2.2. Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir de Cours „Run for Fun - Fir Ufänger“
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir de Cours „Run for Fun – Fir Ufänger“ fir d’Period vum 23. September 2026 bis de 14. Juli 2027. Den Déngschtleeschter ass verantwortlech fir déi technesch Ëmsetzung vun der Aktivitéit, d’Sécherheet vum Grupp an d’Realisatioun vun de sportlechen a pedagogeschen Ziler.

### 2.3. Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir de Cours „Run for Fun - Fir Fortgeschrëttener“
*(eestëmmege Vote)*

Am selwechte Sënn approuvéiert de Gemengerot och de Kontrakt fir Déngschtleeschtunge fir de Cours „Run for Fun – Fir Fortgeschrëttener“ fir d’Period vum 20. September 2026 bis den 11. Juli 2027.

### 2.4. Konventioun fir d’Realisatioun vun der Infrastruktur an de Bau vun Immobilie vum Lotissement „Rue de Kopstal“ zu Meespelt
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert d’Konventioun fir d’Realisatioun vun der Infrastruktur an de Bau vun Immobilie vum Lotissement „Rue de Kopstal“ zu Meespelt. Dës Konventioun betrëfft Terraine mat enger Fläch vun ongeféier 61,45 Ar. Déi Aarbechten déi vergesi sinn ëmfaassen ënner anerem Stroossenaarbechten, déi néideg ëffentlech Infrastrukture fir d’Erschléissung vum Lotissement souwéi de Bau vu verschiddene Wunngebaier.

### 2.5. Bail fir d’Installatioun vun engem Antennemast an zousätzlechen Ausrüstungen (Post) – Avenant *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant zum Bail mat der Post Luxembourg betreffend d’Installatioun vun engem Antennemast an zousätzlechen Ausrüstungen. Dësen Avenant gesäit vir, datt eng Plaz um Antennemast fir d’Installatioun vun enger Antenn „SENSUSRF Gateway outdoor“ mam entspriechende Kabel zur Verfügung gestallt gëtt. Dës Antenn déngt dozou, dat néidegt Netz ze verstäerken, fir d’Waasserzieler op Distanz ofzeliesen. Als Géigeleeschtung bezilt d’Gemeng eng symbolesch Joresredevance vun 1,00 Euro.

## 3. Consultativ Kommissioune vun der Gemeng

### 3.1. Jugendkommissioun – Ernennung vun engem Member
*(mat 12 Stëmme fir d’Kandidatin; Madame Cheryl Geschwind huet bei dësem Vott net matgestëmmt).*

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, d’Madamm Cheryl Geschwind als Member vun der Jugendkommissioun. Dës Ernennung erfollegt op Virschlag vun der CSV.

### 3.2. Jugendkommissioun – Ernennung vun engem Sekretär
*(mat 11 Stëmme fir d’Kandidatin an 1 Enthalung; d’Madamm Cheryl Geschwind huet bei dësem Vott net matgestëmmt])*

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, d’Madamm Cheryl Geschwind als Sekretärin vun der Jugendkommissioun. Dës Ernennung erfollegt nodeems si an der haiteger Sëtzung als Member vun däser Kommissioun nominéiert gouf.

### 3.3. Kommissioun fir urban Entwécklung – Demissioun vun engem Member *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert d’Demissioun vum Här Xavier Poos als Member vun der Kommissioun fir urban Entwécklung.

### 3.4. Finanzkommissioun – Demissioun vun engem Member
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert d’Demissioun vum Här Xavier Poos als Member vun der Finanzkommissioun.

## 4. Donen a Subsiden

### 4.1. Verschidde Subsiden (2. Trimester 2026) *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot accordéiert Subsiden u verschidden national an international humanitär Wierker an Associatiounen, déi am Laf vum 2. Trimester 2026 eng Demande agereecht hunn. Déi accordéiert Subside belafen sech jeeweils op 125,00 Euro, fir e Montant vun insgesamt 1.125,00 Euro.

### 4.2. Club Senior Kielen – „Handaarbechtsgrupp“ – Don
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot accordéiert der ONG Médecins du Monde e Subsid an Héicht vun 2.268,22 Euro.

Dësen Don gëtt am Kader vun enger Scheckiwwerreechung accordéiert, déi vum Club Senior Kielen a méi genee vu sengem „Handaarbechtsgrupp“ organiséiert gëtt.

### 4.3. Badminton International Club Kielen – Ausseruerdentleche Subsid
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot accordéiert dem Badminton International Club Kielen (BICK), am Kader vun sengem 30. Anniversaire, en ausseruerdentleche Subsid an Héicht vun 1.500,00 Euro.

### 4.4. Inklusiounsfest 2025 – Don
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot accordéiert der Museksgrupp „Polyphonix“ vun der Fondation Kräizbierg en Don an Héicht vun 1.000,00 Euro. Dësen Don gëtt am Uschloss un d’Inklusiounsfest 2025 accordéiert, bei deem e Boni vu 483,72 Euro realiséiert gouf. D’Gemeng iwwerhëlt den Ënnerscheed tëschent dem erzielte Boni an dem Montant vum Don, also 516,28 Euro.

## 5. Bëscher vun der Gemeng

### 5.1. Amenagement vun de Bëscher vun der Gemeng Kielen (2026–2035) *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vum Amenagement vun de Bëscher vun der Gemeng Kielen fir d’Period 2026–2035, dee vum Fierschter presentéiert gouf.

Dëse Projet betrëfft eng Bëschfläch vu 470,78 Hektar a gouf an der Sëtzung vun den zoustännege Vertrieder virgestallt.

E soll d’Gestioun vum Amenagement vun de Bëscher fir déi kommend Joren encadréieren.

### 5.2. Gestiounsplang vun de Bëscher vun der Gemeng Kielen fir d’Joer 2027 *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert den alljärleche Gestiounsplang vun de Bëscher vun der Gemeng Kielen fir d’Joer 2027. D’Bëschfläch ëmfaasst eng Fläch vu 470 Hektar. De Fierschter huet dozou déi néideg Erklärunge gi wärend der Sëtzung.

| | Investissements (EUR) | | | Revenus (EUR) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 52 700,00 | 230 400,00 | **283 100,00** | 127 540,00 | 90 210,00 | **217 750,00** |
| Protection de la nature | 6 000,00 | 15 500,00 | **21 500,00** | | | |
| Sensibilisation | 12 000,00 | 31 600,00 | **43 600,00** | | | |
| Ressources cynégétiques | | | | | 12 000,00 | **12 000,00** |
| Surveillance et Police | | | | | | |
| Logistique et personnel | 35 000,00 | 41 550,00 | **76 550,00** | | | |
| **Grand total** | **105 700,00** | **319 050,00** | **424 750,00** | **127 540,00** | **102 210,00** | **229 750,00** |

| **Synthèse des récoltes de bois** | **Vol sur écorce en m³** | | |
|---|---|---|---|
| | **Grume** | **Trituration** | **Total** |
| Hêtres | 120,00 | 790,00 | **910,00** |
| Autres feuill. | 20,00 | 100,00 | **120,00** |
| Pins | | 180,00 | **180,00** |
| Épicéas | 20,00 | 220,00 | **240,00** |
| | 160,00 | 1 290,00 | **1 450,00** |

### *6. Taxereglement fir d'Participatioun um Cours „Kidssport"*
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot setzt den Tarif fir d'Participatioun um Cours „Kidssport" op 60,00 Euro TTC pro Participant a pro Semester fest. D'Aschreiwungskäschte ginn net zeréckbezuelt, wann de Participant de Cours ab deem drëtte Cours, un deem hie konnt deelhuelen, ofbrécht, sief et um Ufank vun engem Semester oder bei enger Aschreiwung am Laf vum Semester.

### *7. Lotissementer*

#### *7.1. Lotissement vun enger Parzell an der rue de Mamer zu Kielen*
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert de Lotissementsprojet fir d'Splécke vun enger Parzell um Uert „Rue de Mamer" zu Kielen. De Projet betrëfft d'Parzell Nr. 2538/7496 mat enger Fläch vun 13,63 Ar a gesäit d'Schafung vun engem neie Lous vir. Dës nei Fläch gëtt geschaf, fir un d'Proprietäre vum Gebai an der rue de Mamer, Nummer 41D, ze verkafen.

#### *7.2. Lotissement vu Parzellen um Uert „Am Duerf" zu Kielen*
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot approuvéiert de Lotissementsprojet fir d'Splécke vu verschiddene Parzellen an der Cité Am Duerf op der Nummer 7 zu Kielen. De Projet gesäit eng Upassung vun de Limitte vun de Parzellen, am Kader vum Bau vun zwee ugebauten Zweefamilljenhaiser an engem fräistoenden Zweefamilljenhaus, vir.

### *8. Personal Ugeleeënheeten*

#### *8.1. Regiebetrib – Reorganisatioun vum Service Conciergerie (Décision à caractère général)*
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot decidéiert, am Service Conciergerie e Posten als Ekippechef anzeféieren an dem Ekippechef ab dem 1. August 2026 eng Prime vun 8 Punkten ze accordéieren.

#### *8.2. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé fir d'Besoine vun der Recette an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives* *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot schaaft e Poste fir en Employé fir d'Besoine vun der Recette.

### *9. Naturpakt – Kommunikatiounskonzept – Avenant* *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot decidéiert, dat bestoend Kommunikatiounskonzept am Kader vum Naturpakt unzepassen. Dës Ännerung soll d'Informatioun an d'Sensibiliséierung vun de Bierger fir d'Theme vum Natur- a Waasserschutz souwéi vun der nohalteger Entwécklung verstäerken. Si erméiglecht et och, d'Ziler, d'Mëttelen an d'Modalitéite vun der interner an externer Kommunikatioun vun der Gemeng ze preziséieren.

### *10. Interkommunale Syndikat „KEKOS" fir de Bau an d'Exploitatioun vu Sportinfrastrukturen – Grënnung*
*(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot decidéiert, zesumme mat der Gemeng Koplescht, den interkommunale Syndikat „KEKOS" fir de Bau an d'Exploitatioun vu Sportinfrastrukturen ze grënnen.

Dës Grënnung geet op de gemeinsame Wëllen zeréck, zu Kielen eng interkommunal Schwämm ze realiséieren, woubäi de Syndikat am Beräich vun de Sportinfrastrukturen och méi breet Aufgabe soll iwwerhuelen.

De Gemengerot hält och d'Statute vum neie Syndikat fest. Dës reegelen ënner anerem säin Objet, seng Zesummesetzung, säi Fonctionnement an d'Finanzéierung vun de Projeten.

### *11. Bestätegung vun engem dréngende Verkéiersreglement vum Schäfferot* *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot erkennt d'Noutwendegkeet vun engem dréngende Verkéiersreglement un, dat de Schäfferot den 8. Juli 2026 verfaasst huet an d'Aktivitéitszon zu Kielen betrëfft.

### *12. Decisioun, e Gefier aus dem Patrimoine vun der Gemeng erauszehuelen* *(eestëmmege Vote)*

De Gemengerot decidéiert, e Gefier vun der Mark Dacia mat der Immatrikulatioun YF5440 un de Garage Reinert Gilles S.à r.l. ofzetrieden. Fir d'Iwwerhuele vum Gefier gëtt e Montant vun 1.500,00 Euro proposéiert. Dës Decisioun gëtt am Kader vum bevirstoende Kaf vun engem neie Gefier fir d'Besoine vum Service de régie geholl. Dat genannte Gefier gëtt deemno aus dem Patrimoine vun der Gemeng erausgeholl.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *13. Verwaltung vun der Gemeng Kielen*

#### *13.1. Ernennung vun engem Gemengebeamten an de provisoreschen Déngscht an der Kategorie C, Loungrupp C2bis, Ënnergrupp mat speziellen Attributiounen*

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott e Gemengebeamten an de provisoreschen Déngscht.

### 13.2. Ufro fir d'Pensioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot stëmmt der éierevoller Demissioun vun engem Gemengenemployé vum Service fir Eventer aus senge Funktiounen zou, fir datt dëse säi Recht op d'Pensioun ka geltend maachen, a seet him Merci fir seng gutt a trei Déngschter.

### 13.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir d'Besoine vum Biergerzenter

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé fir d'Besoine vum Biergerzenter.

### 13.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir d'Besoine vun der Recette

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, en administrativen Agent, fir d'Recette vun der Gemeng Kielen.

### 13.5 Decision vun engem Klassement vun engem Gemengenemployé fir Besoine vun der Recette an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot hält eng Decisioun bezüglech engem Klassement vum engem Gemengenemployé vun der Recette.

## 14. Kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner

### 14.1. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé.

### 14.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé.

### 14.3. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé.

### 14.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott, en diploméierten Educateur fir de SEA.

### 14.5. Ufro fir d'Pensioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot stëmmt der éierevoller Demissioun vun engem Gemengenemployé fir datt dëse säi Recht op d'Pensioun ka geltend maachen, a seet him Merci fir seng gutt a trei Déngschter.

### 14.6. Ufro fir d'Pensioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot stëmmt der éierevoller Demissioun vun engem Gemengenemployé fir datt dëse säi Recht op d'Pensioun ka geltend maachen, a seet him Merci fir seng gutt a trei Déngschter.

### 14.7. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert iwwert d'Modifikatioun vun der Tâche vun engem Gemengenemployé.

## 15. Regiebetrib – Individuell Decisioun iwwert d'Astufung vun engem Salarié mat manueller Tätegkeet (Decisioun à caractère individuel)

De Gemengerot hëlt eng individuell Decisioun iwwert d'Astufung vun engem Salarié mat manueller Tätegkeet.

- Presentatioun vun de visuelle Elementer vum Konzept „Kielen 2.0“